Déifferdeng, den 2. Oktober 2019

Oppene Bréif

An deene leschten Deeg a Wochen hat ech d'Geleeënheet fir iwwert déi Saachen nozedenken, déi breet an intensiv an der Ëffentlechkeet diskutéiert gi sinn. No Diskussioune mat menger Famill, mat menge Fraktiounskolleg*innen a mat de Responsabele vu menger Partei hunn ech decidéiert, vu mengem Mandat als Deputéierten zréckzetrieden. Ech hunn dësen Entschloss haut de Moien och dem Chamberspresident matgedeelt.

De Kampf géint d'Klimakris, den Asaz fir sozial Gerechtegkeet, an d'Verdeedegung vun eiser weltoppener Gesellschaft sinn Erausfuerderungen, déi an deenen nächste Joren eis voll Konzentratioun an Energie benéidegen. Mat menger Décisioun wëll ech dozou bäidroen, dass meng Deputéiertekolleg*innen an der grénger Fraktioun hir Aarbecht fir déi ekologesch a sozial Erneierung vun eisem Land konsequent weiderféiere kënnen.

Dat wat ech gemaach hunn, kann ech net réckgängeg maachen. Mä ech wëll mech dofir entschëllegen a probéieren, mat Optimismus an Energie an d'Zukunft ze kucken.

Roberto Traversini